N°1458
Entrée le 02.12.2024
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

**Äntwert vun der Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten op d'parlamentaresch Fro n° 1458 vum 11. November 2024 vum honorabelen Deputéierte Marc Goergen.**

Den honorabelen Deputéierte stellt Froen iwwert den Entretien vun de Vëlospisten.

Den Entretien vun den nationale Vëlospisten ass iwwer d'Artikele 6bis, 6ter a 6quater am modifizéierte Vëlospistegesetz vum 28. Abrëll 2015 gereegelt (loi modifiée du 28 avril 2015 relative au réseau cyclable national). Allgemeng gëtt an dësen Artikelen tëscht dem lafenden an dem konstruktiven Ënnerhalt ënnerscheet, woubäi de lafenden Ënnerhalt vun de Gemengen an de konstruktiven Ënnerhalt vun der Stroossebauverwaltung assuréiert gëtt.

An den Artikelen 6bis a 6quater sinn awer och Ausnamen virgesinn. Wann de Vëlositineraire bannent der Uertschaft op enger Gemengestrooss verleeft, da fält de konstruktiven Ënnerhalt an d'Kompetenze vun der Gemeng. Op de Vëlosexpressweeër wäert de lafenden Ënnerhalt an d'Kompetenze vun der Stroossebauverwaltung falen.

Ënnert dem lafenden Ënnerhalt fält ënner anerem d'Botze vun der Pist, den Equipementer an de Kanalisatiounen, awer och d'Schneide vun de Beem an den Äscht, souwéi de Wanterdéngscht.

Zum konstruktiven Ënnerhalt zielt ënner anerem d'Flécke vu Rëss, d'Schléisse vu Fouen, den Ënnerhalt vun de Säitesträifen, respektiv d'Erneiere vum ganze Belag.

No deene mir virleienden Informatioune goufe vum Staat nach keng Rechnungen an dësem Sënn un eng Gemeng ausgestallt.

D'Sécherheet an déi allgemeng Fuertauglechkeet vun de Vëlospiste ginn no änleche Krittäre wéi beim Stroossereseau vun der Stroossebauverwaltung kontrolléiert.

Wann awer Vëlosfuerer*innen ee spezifesche Problem um nationale Reseau observéieren, da kënne si deen – idealerweis mat enger Foto an enger méiglechst präziser Lokaliséierung – per Email un, pistescyclables@pch.etat.lu signaliséieren. Jee no Kompetenzberäich, esouwéi uewe beschriwwen, gi meng Servicer d'Informatioun dann entweder direkt un déi zoustänneg Gemeng weider, oder ënnerhuele selwer déi néideg Mesurën, fir de Schued esou séier wéi méiglech ze behiewen. 2023 sinn 42 där Meldunge vu Benotzer*innen erakomm a fir dëst Joer bis elo 25.

Lëtzebuerg, den 2. Dezember 2024

D'Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten

(s.) Yuriko Backes